

SYNOPSIS

vu Buedem, Bauzen a Biobauern

Während Joerzénge wolle d'Agrarpolitik vun eise Baueren, dass si vill a bëlleg produzéieren. Haut wësse mer, dass e System, deem nëmmen op Wuesstem opgebaut ass, weltwäit zu groussen Ëmweltschied féiert an zu Problemer, déi mer ëmmer manner am Grëff hunn. Wa mer näischt änneren, riskéiere mer, dass mer geschwënn iwwerhaapt keng Liewensmëttel méi produzéiere kënnen.

Biolandwirtschaft ass eng Léisung, déi sech ëmmer méi Länner op de Fändel schreiwen. Och zu Lëtzebuerg soll et a manner wéi 30 Joer just nach Biobetriber ginn.

VU BUEDEM, BAUZEN A BIOBAUEREN weist Mënschen, déi haut scho mat vill Motivatioun Bio maachen. Baueren a Wënzer huelen eis mat op hiren Haff an op hir Stécker a weisen eis, wat si maache fir Liewensmëttel ze produzéieren déi gesond si fir de Mënsch an d'Natur, déi Ressourcë schounen an um Enn e Gewënn fir déi ganz Gesellschaft sinn.